Association des Enrôlés de force A.s.b.l.
Comité central
1940 1945
Luxembourg
Victimes du Nazisme

# N A T I O N A L K O N G R E S S

Samschdeg, de 25.04.'87
um 15 Auer
zu Gréivemaacher
am Sport- a Kulturzentrum

## P R O G R A M M

14.45 Auer: Rassemblement vun de Kongressisten an den Invitéen.

15.00 " : Begréissungsusprooch vum President vun der Maacher EdF-Sectioun
-Présentatioun vum Kongressbüro, dee festgestalt huet, datt de Kongress beschlossfäheg as. Säi President mecht de Kongress op.

15.15 " : Begréissungsusprooch vum Nationalpresident.

15.30 " : Aktivitéitsrapport

16.00 " : Rapport iwwert d'Finanzen.

16.10 " : Rapport vun de Keeskontroller.

- Diskussioun vun deene zwee Rapport'en.
- Accord vun den Délégéierten.
- Bestëmme vun de Keeskontroller fir d'Joer 1988.
- Bestëmme vun der Plaz, wou de nächste Kongress ofgehale gët. Sectiounen, déi de Kongress 1988 organiséire wëllen, sollen hir Intentiounen dem Zentralcomité virum 25.4.87 matdeelen.
- Erneierung a Wahl vun der Halschend vun den Zentralcomitésmêmberen. Turnusweis austriedend Mêmbere sin: Adam Bert, Baddé Scharel, Bolmer Jhemp, Hammer Corneille, Heintz Erny, Olsem Emil, Steichen Ernest, Steil Xavier. Déi Komeroden, déi op der Austrëttsserie figuréiren, kënnen erëmgewielt gin. Nei Kandidature fir Comité Central si schrëftlech bis de 17. Abrël 1987 (leschten Délai) un de President vun der Associatioun ze riichten.

Lehmann
Lehnert

16.30 Auer: Referat vum Nationalpresident

17.00 " : Generaldiskussioun

17.30 " : Mat dem Schlusswuert vum Nationalpresident geet de Kongress zu Enn.

* * *

17.35 Auer: Réceptioun an Éirewäin offeréiert vun de Maacher Geméngenautoritéiten.
Während der Réceptioun gin d'Ruban'en verdeelt.

18.30 " : Départ vum Cortège op de Kräizerberreg.
Beim Monument aux Morts as eng Gedenkzeremonie an et gi Blummen néiergeluecht.

56437s Rezette: 64643,-
22 + 77
+ % 31 500
5400
1780
10800
Juncker, Wagner v. Lleuert
Bomi
69156.fr

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L.

Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
C.C.P. 313 24
Boîte Postale 2415
Luxembourg-Gare

Luxembourg, le 01. Abrël 1987.

# Z i r k e l ä r

un all Sectiounen

De Nationalkongress vun der Associatioun E.F.V.N. as de 25. Abrël 1987, nomëttes um 15 Auer zu Gréivemaacher, am CENTRE SPORTIF et CULTUREL, op der Plaz genannt: „Schweinsmoart". Zesumme mat dem Programm vum Kongress fand der an dëser Envelopp och e Situatiounsplang vun der Muselstad Gréivemaacher.

D'Komerode vun der Maacher Sectioun hun d'Organisatioun iwwerholl.

Wat Zuel vun äre Kongressdelegéiert ubelaangt, verweise mer op déi entspriechend Directiv am Bülletin „les Sacrifiés", Nr. 1/1984 – Säit 8.

Den Zentralcomité riicht den Appell un iech, äre Sectiounsfändel matzebréngen, fir am Cortège a bei der Gedenkzeremonie virum Monument aux Morts derbäi ze sin.

Well dës Kéier de Kongress am Nomëtteg ofgehale gët, hu mer drop verzicht, fir e gemeinschaftlecht Iessen ze organiséiren. Et besteet dach awer d'Méiglechkeet zu Maacher z'iessen. Wann är Sectioun sech duerfir entscheed, soll der am Viiraus bestelle,wat iech passt, an zwar an den Etablissementer:
Restaurant „Belle-Vüe" (Piscine) Tel.: 756 14
Café-Restaurant „Relais des Bateliers", Tel. 756 28
Hôtel-Restaurant de la Moselle, Frisch-Bastian, Tel. 751 60

Et as jo gutt verstan, datt, esou wéi et bis elo Usus war, d'Sectioun fir d'Käschte vun hiren Delegéiert an och vun hire Mêmberen opkënnt, wann se de RUBAN kréien.

Wann är Sectioun wëlles huet, um Kongress eng oder och méi Motiounen ze présentéiren mussen dës onbedéngt <u>8 Deeg</u> virum 25. Abrël 1987 dem Zentralcomité viirleiën. Gët dësen Délai nët agehalen, kënnen d'Motiounen nët um Ordre du jour vum Kongress figuréiren.

D'Réussite vum Kongress hängt zu engem grousse̲n Deel vun de Sectiounscomitésmêmberen a vun de Sectiounsgelegéierten of.

Haut, wéi an der Vergaangenheet, därfen Zesummenhalen an Zesummestoën, grad ewéi Fründschaaft a Solidaritéit am Krees vun den Enrôlés de Force,deenen hire Frënn a Gënner kéng eidel Wierder sin.

Et war zu allen Zäiten ongeheier wichteg, an et bleiwt et och an Zukunft, datt all déi Leit am Land, déi op äis kucken, gesin, datt mir äis a si verstinn an äis mat alle Mënsche verdroën.

Eis uerg geschannte Generatioun as a bleiwt e Ganzt. Mir halen d'Erënnerung un eis sëllegen Doudeg waach, an hëllefen een deem anere, egal wéi a wou och ëmmer.

Déi beschte Gréiss soën ich d'Mêmbere vum

Zentralcomité.

25. Apr → 10.7.86